En dräistëmmege Bonjour aus Island

Viru kuerzem woaren d'Muselfénkelcher vu Gréiwemaacher, op Invitatioun vum Skólakór Kársness vu Kópavogur, op een Concertsrees an Island. Island: d'Land vu Feier an Äis, vum Liicht a vun de Kontraster. Dovu konnte sech 50 jong Sängerinnen souwéi e puer Comitésmembere vun de Muselfénkelcher iwerzeegen. Gullfoss, Geysir, Þingvellir, Blue Lagoon: dat sënn nëmmen e puer vun deenen Naturschauspiller, déi keen esou séier wäert vergeessen. E ganz spezielle Phenomen ëm dës Zäit an Island ass d'Mëtternuetssonn. A wéi ginn d'Leit esou treffend um Flughafen zu Keflavík empfaang: „We leave the light on for you the whole summer".

D'Joar 2000 ass och fir Island e besonnesch Joar. Dat Land, ëmgi vum warme Golfstroum, vum Thermalwaasser an de Vulkane geheizt, feiert dëst Joar 1 000 Joar Christianiséierung. Zudeem ass sein Haaptstad, Reykjavík, een vun deenen 9 europäesche Kulturhaaptstied 2000.

D'Muselfénkelcher hunn och dräi Concerten, ënnert der Leedung vum Adely Urwald-Krier a mam Georges Urwald um Piano, gesongen: an der Këmrech zu Hveragerði, zu Kópavogur an an der Domkirche zu Reykjavík.

Als Héichpunkt stung ouni Zweifel den Empfang beim islännesche Staatspresident Ólafur Ragnar Grimsson an seiner Residenz Bessastadir um Programm. An da kann et nëmmen nach heeschen: „Come dream". Mat deem Slogan presentéiert Island sech nämlech zu Hannover op der Expo 2000. An an Island sënn d'Dreem Wierklechkeet ginn… (cu)